1-2021-O-J-7140-01 (n° 3880)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

2

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

**MOTIOUN**

Débat suite à l'intervention du Président de la République d'Ukraine.

D'Chamber vun den Deputéierten:

begréisst, datt de President vun der Ukrain sech haut u si adresséiert huet;

erënnert drun, datt si dee russeschen Ugréff vum 24. Februar 2022 verurteelt huet;

bedauert zudéifst de Verloscht vu Mënscheliewen an dat schrecklecht Leed, dat dee Krich verursaacht;

ënnerstäicht de Wëlle vum Lëtzebuerger Vollek, déi bilateral Relatioune mat der Ukrain weider ze stäerken an dat ukrainescht Vollek an dësem Krich solidaresch ze ënnerstëtzen, besonnesch doduerch, datt

- Leit aus der Ukrain zu Lëtzebuerg kënne medezinesch versuergt ginn;
- ukrainesch Staatsbierger zu Lëtzebuerg fir d'Dauer vum Konflikt Schutz fannen, a seet all deene Leit Merci, déi an deem Kontext gehollef hunn;
- d'Ukrain eng politesch, diplomatesch, ekonomesch, akademesch an humanitär Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerg kritt;
- Lëtzebuerg un der Opklärung an der Verfolgung vu Krichsverbrieche soll matwierken;
- Lëtzebuerg sech um Neesopbau vun der Ukrain bedeelege soll;
- Lëtzebuerg der Ukrain dobäi hëlleft, fir d'Krittäre vun enger Memberschaft an der EU ze erfëllen;
- d'Arméi kann net-déidlecht Material un d'Ukrain liwweren.

fuerdert d'Regierung op:

- sech géintiwwer der Ukrain a Russland fir e Waffestëllstand a Friddensverhandlungen ze engagéieren;
- sech fir de Respekt vum Krichsrecht a besonnesch vun de Genfer Konventiounen anzesetzen an an deem Kontext och d'Ariichtung vun humanitäre Korridoren ze begënschtegen;
- international Enquêten duerch neutral a kompetent Gremien ze ënnerstëtzen;
- esouwäit dat vun alle bedeelegte Parteie gewënscht an akzeptéiert gëtt, zu der Ëmsetzung vun engem Waffestëllstand mat bäizedroen;
- Projeten a Richtung Reconciliatioun vun alle Bevëlkerungsgruppen an der Ukrain ze initiéieren an ze ënnerstëtzen;
- hir gutt Déngschter fir d'Organisatioun vu Friddensverhandlungen ze offréieren;

- keng Sanktiounen ze fuerderen, ze ënnerstëtzen oder unzehuelen, déi kéinten zu Versuergungsschwieregkeete bei der Energie oder bei Liewensmëttel fir privat Leit oder Entreprisen zu Lëtzebuerg féieren;
- sech fir eng europäesch Friddensuerdnung ze engagéieren, déi keen ausschléisst an d'Entstoe vun engem neie Kale Krich ausschléisst.

Fernand Kartheiser

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique** **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**